„An de'wer Trauer déle mir alle Verwandten, Bekannten, Komeroden a Frönn mat, dass d'stierwlech Iwerreschter vun onse le'wen, gudden, onvergiessleche Jongen

Aloyse FLAMMANG; Niki HORNICK; Jean FLAMMANG; Francis Marx; Alex JAQUEMIN; Mario MEURER; Jempy THULL; Pierre STEIN; Niki MAJERUS

an hir le'w Hémecht erem bruecht si gin, fir hir le'scht Ro' ze fannen. Sie sin zo' Lyon fir d'Freihét vu Letzeburg, de 7.2.1944, durch preisesch Kugele gefall – D'Begriewnes vun den Escher Jongen ass e Samschdeg, de 27. Juli 1946, zo' Esch-Uelzecht, em 16 Auer. – D'Begriewnes vum Niki Hornick ass e Freideg, de 26. Juli,

zo' Kèrch, em 16 Auer. – D'Begriewnes vum Francis Marx ass e Samschdeg, de 27. Juli, zo' Schöffleng, em 16 Auer. – D'Begriewnes vum Niki Majerus ass e Samschdeg, de 27. Juli, zo' Strössen, em 16 Auer. – D'Begriewnes vum Mario Meurer ass e Samschdeg, de 27. Juli, zo' Dideleng, em 16 Auer. – D'Begriewnes vum Pierre Stein ass e Sonndeg, den 28. Juli 1946, zo' Alzeng, em 15 Auer.“

(Es folgen die Namen der Trauerfamilien).

*

Am Samstag, dem 27. Juli 1946, veröffentlichte das L.W. den bereits vorhin erwähnten Beitrag:

„D'Helde vu Lyon kommen hêm“

Hier der Wortlaut:

„Samschdeg, 27. Juli 1946

D'Helde vu Lyon kommen hêm


De 7. Februar 1944 sin zo' Lyon Letzeburger Jongen, gezwongen an der preisescher Uniform, önnner déne märderesche Kugelen vun de Preisen zesummegebrach als Helden fir d'Freihét vum Hémechtsland. Hun d'Preisen och démols hire patrioteschen Hierzer Stöllstand gebueden, so' hun dach hir Stömmen aus de weide Fèren vu Lyon erof an d'Hémechtsland geruff: „Huelt eis hêm!“

Endlech konnt hirt Verlangeren nom Hémechtsbuedem, zo' dém senger Befreieng och si hiren Dél beigedroen hun, erfüllt gin, wo' si haut an hire Familjegriewer zur e'weger Ro'h beigesat gin.

Mir wöllen desen Dag net eriwergoe lossen, o'ni dem ganzen Hémechtsland d'Wierk vun desen treien Hémechtskanner virun An ze fe'eren.

Am Oktober 1942, we' de e'scht Jongen önnner batteren Tre'nen d'Hémecht verloss hun, fir gezwongen an dèr groer, so' verhasster Uniform dem Preiss ze déngen, hun si hir Familjen verloss a sin an d'Kasären no Deitschland gangen. Vun do gong hire Wé no

ZUM FROMMEN UNDENKEN
un eise le'wen, gudden, onvergesslechen
Jong, Brudder, Schwö'er, Monni, Neveu a
Coseng



NIKI MAJERUS

†

Hien ass de 7 Februar 1944 mat nach
äner 8 Letzeburger Komeröden durch
schändleche Verröt vun de Preisen zu Lyon
erschoss gin, kürz nodém hien 21 Joer ál war.

Um Kirfecht Croix-Rousse zu Lyon huet
hien nötgedrongen seng Rö'h fond.


Esch-Uelzech. 21 Dez. 1944.

Kreisch net dohém, le'w Mamm a Papp
Et wir ze schên gewiest
A meng Geseschter och
ech wäs, dat Dir mech net vergiesst
Dätt ass mei leschten Trö'scht.
Bei Däg a hei der Nuecht
hun ech un Iech geduecht
A se'w och d'Trennung nach eso ured
Ech stierwen fir eist Letzeburg.

Das Totenbild von Niki Majerus. Dazu passen diese Schlussworte aus seinem Abschiedsbrief vom 7. Februar 1944:

„Ich habe noch zwei Stunden zu leben im Beisein eines katholischen Pfarrers ...“, dann kommt es über ihn und er schreibt in der Muttersprache, der Sprache des Herzens und der Heimat: „Ech stierwe licht – elo as meng lescht Stonn ugebrach vun mengem Liewen ... Ech sin an der Hoffnung, den Thedy (sein sechs Wochen zuvor an der Ostfront gefallener Bruder), den de We virun mir an d'Ewegkeet font huet, hien ze gesin am Himmel wou mir och op Iech all warden ... De lescht Gréss a Bésen aus menger leschter Liewesstonn ...!“

JESUS! MARIA! JOSEPH!



Erennert iéch an èrem Gebiét
un eise le'we, gudden, onvergäbleche Jong,
Brudder, Neveu a Coseng

Nicolas Hornick

gebuer zu Kèrch de 24. Januar 1920, fir seng
Hémecht gestuerwen zo' Lyon de 7. Februar
1944 durch preisesch Kugelen, nodém hien
durch feige Verröt den 13. Januar 1944 mat
nach 8 gudd letzeburger Komeröden zum Do'd
verurteilt go'w.

Um Kirfeg Croix-Rousse zo' Lyon huet hien
virléfig seng lescht Ro'h fond.

†

Dät waren seng lescht Würder:

„Le'w Mamm! We' ech vun dohém fort si
gäng, do hues du fir mech gebiét all Däg, daß
ech erem gesond soll erémkommen. Mä den
Herrgott huet et aneschter fir mech bestémmt.
Mir sin all a senger Hand. Kreisch net, le'w
Mamm, ech konnen elo an eng besser Welt.“

„Le'we Papp! Ech wees och, we' schwe'er
et fir dech ass, del jengste Jong ze verle'ren.
Du hues fir mech gemét, wats du konnt hues,
a keng Stonn wor dir ze fre'h, a keng ze spe't
fir mech. Ech söen dir firt lescht Merci fir
alles, wats du fir mech gemét hues, an au
revoir an d'r E'wegkét!“

„Le'w Geschwëster! E klengen Tro'scht
kann et iéch sin, dass ech a meng Komeroden
keng Verbrécher sin, villme'h en Opfer vun
eiser Iwerzégong. An dass mir eso' eng Iwer-
zégong hun, duerfir könne mir jo nit, dät ass
eis Letzeburger ugebuwer.“

Hër, gëf eisem Nicolas den e'wege Fridden!
Hërz Jesu, ech vertrauen op Dech!
Le'w Mamm vu Letzeburg, biét fir hien!

St Paulus-Drëckerei, Letzeburg.

Das Totenbild von Nicolas Hornick.


dem Süden vu Frankreich, an e Land, dat grad ewe' hirt le'wt Letzeburg önnner dem schrecklechen an onerdobare Joch vun de Preisen geschmuecht huet. An desem Land, wo' alles no Resistenz geruff huet, hun hir Hierzer erem ugefangen, me' se'er ze

schloen. „Sollten si matthöllefen, Frönn vun eiser Natio'n ze önnnerdrécken?!“

Hir patriotesch Hierzer hun hinnen de' énzeg richtig Äntwert gin, de' entschédend gewierkt huet fir all hirt spe'dert Don an Denken. Si sin agetruden an



Auf dem Totenbild von Aloyse Flammang heißt es, er sei erschossen worden „fir seng Trei zum Land a seng Sympathie fir Frankreich.“



d'Reien vun enger gro'sser Arme' unni Fuendel an unni Uniform, de' awer op alle Strosse vun Frankreich marsche'ert ass.

D'Bataillo'nen vun desen dapere Letzeburger hun an der Gegend vu Montpellier geléen. Hei hun si eng Letzeburger Brigade op d'Bé gesat, de' dem Preiss an den égene Reihen schuede sollt. Si hun no an no all Letzeburger Jongen an hir Resistenzgrupp gezun, de' den Alex Jacquemin als Chef gelét huet. We' aus dem preisesche Gerichtsakt ervirgét, hun eis Komeroden Gro'sses geléscht am Dingscht vun den Allie'erten. All wichtig Norichten vun de Preisen, Pläng, Telefongesprächer, Truppeverschiebongen an geheimzehale Mattdélongen vun den Truppen a Waffen sin durch si un de franse'schen Norichtendenschit iwegangen. Hir gefe'elerlech Arbecht war so'weit fêrdeg, hir falsch Pabeieren lo'ge parat fir ganz an d'Reihen vun hire Frönn iwerzegoen, do kuem den deischteren 8. Oktober 1943. Et go'f Sturmalarm zo' Carnon-Plage an an der Ömgegend. D'Feldgendarmerie huet sämtlech Letzeburger verhaft an no Montpellier an de Prisong bruecht. Wat war geschitt? En aus hiren

égene Reihen, én dé vun Ufank un matt hinnen zesummege schafft hat, hat si am entschédene Moment un de Preiss verrodén! All hémlech Zesummekonft, Uert an Zeit, Gesprächer asw. ware vun him un de Preiss bruecht gin. Döse Verre'der, dém sein Numm klor aus de Gerichtsakten ervirgét, ass net me' wert, e Letzeburger genannt ze gin a wärd och hoffentlech senger gerechter Strof net entgoen. We' aus Zeienaussoen ervirgét, sinn d'Richter an d'Verteidegong vun den Helden an hien agedrongen, sech sein Handeln wuel z'iwerléen, well 9 Mönsheliewen um Spill stengen. No enger Ausso vun engem Letzeburger, dén d'Gléck hat, matt 5 Joer Strofkompagnie d'Hémecht glécklech eremzegesin, huet hien dem Gericht geäntwert: „Ich habe mich bedacht und handle als Deutscher!“

Domadden go'f dann d'Urtél vun Gericht gefällt. 9 jong Letzeburger hu missen durch dese Verrod d'Liéwen de 7. Februar 1944 lossen. Durch de' weidergelét Verhandlungen sin der nach zwe'n de 4. Juni 1944 erschoss gin. Begruewe go'wen si matt hire Komeroden vun der franse'scher Resistenz um Kirfecht zo' Lyon,

dem Croix-Rousse. Ergreifend sind d'Ofschédsbre'wen, de' si kurz virum Do'd un hir Familje gericht hun. Als gudd an de'wgläweg Chröschten hun si dann nach d'Sach matt hirem Herrgott an d'Rei gemacht, fir reng vu Sönnen virun sengem Riechterstull als jong Helden z'erschengen.

Haut sollen si an den Hémechtsbuedem geluegt gin. – Jong Helden! D'Hémechtsierd sief lech liecht! Ert Undenken bleiwt wäch ewe' eng helleg Flâm an Erem Vollek, dat stolz ass, so' Helden seng égen ze nennen.“

Unter dem Datum vom Dienstag, 30. Juli 1946, konnte man im L.W. lesen:

„Esch-Alzette. – Am Samstag nachmittag fand die Ueberführung der sterblichen Ueberreste der vier Escher Patrioten, die im Februar 1942 in Lyon von den preußischen Barbaren erschossen worden waren, nach ihrem Heimatort statt. Vor der St. Josefkirche war in feierlichster Weise die Aufbahrung erfolgt, und ab 14 Uhr defilierten ununterbrochen die Escher, um den gefallenen Söhnen ihrer Stadt die letzte Ehre zu erweisen. Punkt vier Uhr traf die Escher Pfarrgeistlichkeit ein und nahm die religiösen Zeremonien vor. Nach denselben ergriff zunächst der Präsident der Ligue „Ons Jongen“ [= Romain Fandel] das Wort und erklärte, daß die Escher Patrioten das Opfer des barbarischen Dekretes wurden, das der preußische Kriegsverbrecher Gustav Simon erlassen hatte. Nachdem sie sich kaum 14 Tage von den Strapazen des Arbeitsdienstes erholt hatten, in den sie der Unterdrücker gezwungen hatte, kamen sie infolge des vorgenannten Dekretes im verhaßten preußischen Kittel nach Südfrankreich, in das Land, das sie durch seine Gastfreundschaft während der Evakuierung kennen und schätzen gelernt hatten. Sofort stand ihr Entschluß fest, lieber zu sterben, als sich dem preußischen Druck zu beugen. Sofort suchten und fanden sie Kon-

takt mit der französischen Widerstandsbewegung. Ein Jahr lang konnten sie dieser sowie der alliierten Sache wertvolle Dienste leisten, bis das Schicksal sie ereilte und sie unter den preußischen Kugeln ihr Leben aushauchen mußten. Wenn nun Frankreich unsern toten Helden auf ihrem Heimweg in Besançon und Metz Ehren erwies, kann man sich denken, welch hohe Dienste unsere Patrioten Frankreich und den Alliierten geleistet haben. Der Redner schildert sodann den bitteren Leidensweg, den die Tapferen gehen mussten und erwähnt dabei Einzelheiten. Weiter verliest er etliche Strophen eines Liedes, welches zwei dieser jungen Escher ihren Müttern kurz vor ihrem Ende schrieben und legt zum Schlusse das Gelöbnis ab, daß das Andenken an unsere Helden nicht erlöschen wird, solange ein freies Luxemburg bestehe. – Nach Hrn. Fandel sprach Hr. Koch, Direktor des „Lycée de garçons“. Nach ihm deklamierte Hr. Schockmel ein Gedicht. Hierauf hielt ein Belgier eine französische Ansprache. Die „Uelzecht“ sang einen Choral, die Stadtmusik spielte die Sonnerie Nationale. Dann trugen 18 Mitglieder von „Ons Jongen“ drei Särge nach dem St. Josephfriedhof, während der Leichenwagen den vierten Sarg nach dem Lallinger Friedhof brachte. Hr. Bürgermeister Useldinger hatte ein Blumengebinde an den Särgen niedergelegt und die Ligue „Ons Jongen“ eine Ehrenwache gestellt.“

In diesem Artikel geht Rede von Ehren, die Frankreich „unsere toten Helden auf ihrem Heimweg in Besançon und Metz erwies“. Dazu als Erläuterung: In Besançon nahm der Transport die sterblichen Überreste von Marcel Servé (* am 7. September 1919 in Clerf) mit in die Heimat. Er, der herausragende große „Passeur“, war am 6. Juni 1942 im Hof der Zitadelle von Besançon erschossen worden. Am Sonntag, dem 28. Juli 1946 wurde der glühende Patriot um 15.00 Uhr in Clerf im heimatlichen Familiengrab beerdigt. Sein Leichendienst fand am 29. Juli um 10.00 Uhr statt.

Wenige Stunden vor seiner Hinrichtung hatte er einem in einer Nebenzelle mit eingekerkerten Luxemburger Freund (Jean-Jacques Diderich aus Düdelingen) anvertraut:

„Ich bin zum Tode verurteilt und werde morgen früh erschossen. Ich sterbe als aufrechter Luxemburger, ich habe keinen Namen verraten. Wenn du nach Hause kommst, grüße all meine Lieben.“

Einem anderen Freund, der ihn seiner Tollkühnheit wegen warnen wollte, hatte er zuvor schon tiefgläubig bekannt: „Es gibt keinen Tod, es gibt nur ein zweifaches Leben!“

*



Das Totenbild von Mario Meurer.

Die unsere toten Heimkehrer ehrende Feier in Metz – wohl am 25. Juli 1946 – war gewiss Teil der Überbringung jener zwei toten Lothringer Kameraden, die im Zusammenhang mit der geplanten „Fahnenflucht“ der Luxemburger hingerichtet worden sind. Ihre Namen waren Paul Frey und Paul Meyer.

*

Am Donnerstag, dem 1. August 1946, veröffentlichte das L.W. folgenden kurzen Bericht aus Strassen:

„Strossen. – E Samschdeg de Metteg ass é vun den Nationalhelden, de' de 7. Februar 1944 zu

Lyon fir d'Hémecht hirt Liewen hu missen hiergin, de Niki Majerus, e Strossener Kand, hei um Kirfecht begruewe gin. Um 1/24 sin stierwelech Iwerreschter am Agank vum Duref ukom an opgestallt gin, eso' dass jiderén nach d'Geléenhét hat, fir dem Held de' lescht E'er ze erweisen. De Gemengerot, d'Gesellschaften a d'Resistenzgruppen hu Kränz a Gerben niddergeluegt fir hirem Matbirger e leschten Hommage duerzebringen. Um 1/25 ass den Trauerzug durch d'Strossen, wo' d'Heiser trauerbeflaggt woren, op de Kirfecht gangen. No der religie'ser Zérémonie huet den H. Reichling, Président vun der Ligue „Ons Jongen“ Strossen, sengem onglécklechen Komerod en ergreifenden Noruff gehalten. D'Trauerfeierlechteken sin zu Enn gefo'ert gin mat engem Grawlidd durch de Gesank, enger Trauerweis an der „Hémecht“ durch d'Musek. Elo schle'ft den Niki Majerus, dén aus Hémechtsle'ft alles hiergin huet, sei leschte Schlof am Hémechtsbuedem.“

*

Das Schlusswort dieses Erinnerungsbeitrages soll Großherzogin Charlotte zu uns sprechen:

„Gidd weider hire fräie Geescht!“

Bibliographie:

- Francis Steffen: „Die geopferte Generation“, Imprimerie Hermann, S.à.r.l., Luxembourg, 1977
- P. Cerf: „De l'épuration au Grand-Duché de Luxembourg après la seconde guerre mondiale“, Imprimerie Saint-Paul, s.a., Luxembourg, 1980
- Roger Gallion: „Stroossen – seng Krichsaffer 1940-1945“, Imprimerie Saint-Paul, s.a., Luxembourg, 1992
- „Die Geschichte der Luxemburger Jugend während des Zweiten Weltkrieges“, in „Les Sacrifiés“, Imprimerie Centrale S.A., Luxembourg, 1993
- Redaktionsarchiv des „Luxemburger Wort“
- André Heiderscheid: „Zwangsrekrutiert“, Bd. 3, ISP, Luxemburg, 2001

2008 – Ein ereignisreiches Jahr

Das *Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé* (CDREF) kann auf ein arbeitsreiches und erfolgreiches Jahr zurückblicken. Unsere Vorsätze konnten in fast allen Bereichen umgesetzt werden. 2008 wird uns vor allem durch die umfangreichen Umbauarbeiten am Hollericher Bahnhof in Erinnerung bleiben.

Die Umgestaltung des Bahnhofgebäudes

Dank der guten Zusammenarbeit mit der staatlichen Baubehörde, der *Administration des Bâtiments Publics* und dem Amt für Denkmalschutz, dem *Service des Sites et Monuments nationaux*, schritten die Umbauarbeiten zügig voran. Dabei wurden wir von der Raumgestaltung bis hin zur Möbelausstattung in jede Etappe miteingebunden. Die erste Bauphase konnte somit 3 Monate früher als geplant abgeschlossen werden. Dies ermöglichte es uns bereits auf die kommenden Abschnitte vorzugreifen. Der Umzug in unsere neuen Räumlichkeiten verlief ebenso reibungslos.

Der Besucher und die Passanten werden seit kurzem anhand einer Anzeigesäule im Einfahrtbereich auf unsere Institution aufmerksam gemacht. Im Erdgeschoss erstrahlt die Ausstellungsfläche des *Mémorial de la Déportation* im Erdgeschoss im neuen Glanz. Ein Flachbildschirm mit DVD-Player wird es dem Besucher erlauben noch während des Rundganges auf Bilddokumente zurückzugreifen. Der Weichenstellraum ist ebenfalls mit modernen Kommunikationsmedien ausgestattet. Die *Salle Stellwiel* kann künftig im kleinen Rahmen auch für Vorträge, Buchvorstellungen und Ausstellungen genutzt werden. Eine kürzlich angebrachte Gedenktafel über den Widerstand in den Reihen der Eisenbahner wurde uns seitens der CFL zur Verfügung gestellt.

Im ersten Stock sind sämtliche Büros mit modernen und funktionellen Möbeln ausgestattet. Dem CDSEF und dem Aufsichtsrat der Stiftung des *Mémorial de la Déportation* ist ein Versammlungsraum zugeteilt, der auch von Arbeitsgruppen bis zu 14 Personen genutzt werden kann. Auch an der nötigen technischen Ausrüstung fehlt

es nicht. Internetanschluss, Telefonvernetzung, Faxgeräte, Scanner, Kopierer und modernste Computer mit ausreichend Software schaffen ein günstiges Arbeitsumfeld. Der Archivbereich ist im zweiten Stock untergebracht. Die Treppe im Eingangsbereich erhielt einen neuen Schliff. Sämtliche Sanitäreinrichtungen, die Heizungen und die Stromversorgungsstafeln wurden überprüft und wenn nötig ersetzt.

Die Planungen für die nächste Etappe sind bereits abgeschlossen. 2009 wird der ehemalige Filmvorführsaal in einen modernen Seminarsaal mit integrierter Bibliothek und der notwendigen Technik umgewandelt. Die Fassade erhält ebenfalls eine Verjüngungskur. Eine neue Alarmanlage und damit verbunden ein neues Sicherheitskonzept werden 2009 in Betrieb genommen. Sämtliche Fenster und Türen im Erdgeschoss müssen aufwendig repariert, abgedichtet und restauriert werden. Sie werden jeweils mit einem zweiten im Innenraum angesetzten Fenster-, bzw. Türrahmen mit diebstahlsicherer Doppelverglasung versehen.

2010 wird in einer letzten Bauphase unsere Arbeitsfläche durch die Einverleibung der jetzigen Wohnung erweitert werden. Auch hier liegen bereits konkrete Pläne vor. Zudem soll dann auch die Anlage um das Monument, sowie die *Place Ons Jongen* ein neues Gesicht erhalten. Bei sämtlichen Überlegungen stehen stets die Funktionalität und die optimale Nutzung der Räumlichkeiten im Vordergrund. So wird aus dem Erinnerungsort, ein Ort der Begegnung(en) und der Forschung.

Die Arbeit im CDREF

Durch die baulichen Maßnahmen konnte sich das CDREF sich endlich verwaltungstechnisch strukturieren und organisieren. Dank des unermüdlichen Einsatzes eines eingearbeiteten Studententeams, war es uns möglich in relativ kurzer Zeit umzuziehen und mit unserer Arbeit zu beginnen. Fabienne Benseghir, Séverine Arend, Ben Klein, Julie Wieclawski und vor allem Laurent Goedert verdienen unsere Anerkennung und unseren tiefsten Respekt. Seit einigen Monaten beschäftigt das CDREF halbtags eine Sekretärin, Frau Marylène Raus-Grün, sowie einen Historiker,

Herrn Carlo Neuman. Somit ist unsere Verwaltung während den Bürostunden zwischen 8.00 und 12.00 Uhr, bzw. zwischen 14.00 und 18.00 Uhr erreichbar. 2009 wird das Erstellen einer Web-site, welche wir uns mit dem CDRR teilen werden, eine unserer Prioritäten sein.

Durch eine Reihe von Vorträgen und Veröffentlichungen trugen wir die Erfahrungen und Lehren aus der Zwangsrekrutierung an ein breiteres Publikum. Leider sahen wir uns aus zeitlichen Gründen gezwungen unsere beiden Buchprojekte, die Memoiren von Léon Beckius und die Feldpostbriefe von Lou Everling auf das kommende Jahr zu verschieben. Im Laufe der letzten Monate werden wir immer häufiger von Menschen angeschrieben oder angerufen, welche auf der Suche nach dem Verbleib eines zwangsrekrutierten Angehörigen oder Freundes sind. In diesem Sinne haben wir Kontakte mit der *Wast* in Berlin aufgenommen. Die Verbindungen zu Archiven im In- und Ausland sind uns genauso wichtig. 2009/2010 werden wir hier mit intensiven Recherchen beginnen können.

Neben der Forschung wird bei uns die Pädagogik großgeschrieben. Zur Zeit betreuen wir zwei angehende Studienräte bei ihrer Abschlußarbeit. In der pädagogischen Ausbildung der *Université de Luxembourg* bieten wir eine Seminarreihe zum Umgang mit dem Kapitel Zweiter Weltkrieg und Nazi-Besatzung im Geschichtsunterricht an. Darüberhinaus stehen wir im ständigen Kontakt mit den Verantwortlichen des Unterrichts- und Kulturministeriums.

Das Projektjahr 2008

Interessante Projekte beschäftigten uns auch 2008. Seit mehreren Monaten sammelt das CDREF mit Unterstützung des Innenministeriums Daten über Gedenkstätten, Erinnerungsorte, Gedenktafeln und Monumente aus den einzelnen Gemeinden Luxemburgs. Die entstehende Datenbank soll später auf unserer Website abrufbar sein. 34 der 116 Gemeindeverwaltungen haben noch nicht auf unser Schreiben reagiert.

Bei der anlässlich der *Journée de la Mémoire de l'Holocauste et de la*



Gelegentlich der Erinnerungszeremonie am Hollericher Monument de la Déportation seitens der Schausteller der Association Européenne des Commerçants Forains, des internationalen Festkomitees der Schobermesse, sowie Vertretern der Europäischen Schaustellerunion

Prévention des Crimes contre l'Humanité eingeweihten Ausstellung Mémoires des Lycée de Garçons aus Esch-sur-Alzette trug das CDREF neben dem Service National de la Jeunesse und dem Centre de Tolérance – Territoires de Mémoire aus Lüttich zum Erstellen der Dokumentation und des illustrierten Begleitheftes bei.

Zusammen mit dem Lycée technique de Bonnevoie, dem Luxembourg City Tourist Office, der Photothek der Stadt Luxemburg, dem CDRR, sowie unserem Freund André Hohengarten, entstand das Projekt Spurensuche Zweiter Weltkrieg, ein offizieller Reiseführer durch die Stadt Luxemburg im Zweiten Weltkrieg.

Am 7. Oktober nahmen wir zusammen mit dem CDSEF an der von der Stadtverwaltung Luxemburg organisierten Journée 60+ teil. Unser Informationsstand stieß dabei auf reges Interesse und Anerkennung.

Der 10. Dezember 2008 stand im Zeichen des 60. Jahrestages der Menschenrechtserklärung. In diesem Kontext halfen wir den Schülern des Lycée technique Michel Lucius dabei, ihren Schulalltag von einer kritischen und nachdenklicheren Seite zu beleuchten und bereiteten so unseren Beitrag zum Holocaustgedenktag 2009 vor. In dieser Optik unterstützen wir auch der Gemeinde Contern bei der Realisierung einer Wanderausstellung unter der Leitung des ehemaligen Zwangsrekrutierten Roger Diederich.

Im Rahmen der Gedenkstättenpädagogik kann das CDREF als Gründungsmitglied der internationalen Arbeitsgruppe Geschichte-Gedenken zu der Festigung eines geschichtsbe-

wußten und vielschichtigen europäischen Gedächtnisses beitragen. Mit einer Reihe von Seminaren, Vorträgen und Rundtischgesprächen, welche wir in absehbarer Zukunft anbieten werden, hoffen wir möglichst viele Multiplikatorinnen und Multiplikatoren der Erinnerung und Wächter der demokratischen Grundwerte anzusprechen. Dabei steht der internationale, grenzüberschreitende Dialog im Mittelpunkt unserer Bestrebungen.

Ein kontinuierliches Engagement

Unser Engagement gilt auch der Fondation du Mémorial de la Déportation, die wir genauso wie das CDSEF und die Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlés de Force, mit allen Mitteln unterstützen. Das Mémorial hat nun neue Öffnungszeiten: Montags bis Donnerstags von 9.00 bis 11.30 Uhr, bzw. von 14.00 bis 16.00 Uhr.

Gruppenbesichtigungen werden mit unserem Sekretariat unter der Telefonnummer 247-88191 oder per E-mail: secretariat@cdref.etat.lu vereinbart. Pädagogische Rundgänge gibt es Dienstags und Donnerstags während der üblichen Öffnungszeiten.

2009 werden wir wie in den vergangenen Jahren unserer Pflicht zur Erinnerung nachkommen. In diesem Sinne lädt das CDREF auch dieses Jahr wieder am 30. August zu einer Erinnerungszereemonie am Hollericher Monument de la Déportation ein. Die Schausteller der Association Européenne des Commerçants Forains, des internationalen Festkomitees der Schobermesse, sowie Vertreter der Europäischen Schaustellerunion wohnen dieser Feierlichkeit bei und gedenken so ihrer Kriegsoffer und vor allem der Zwangsrekrutierung der Luxemburger Jugend, welche am 30. August 1942 auf Fouersonntag von Gauleiter Gustav Simon ausgerufen wurde.

2009 stehen neben unseren laufenden Tätigkeiten, die Begleitung zweier Filmprojekte, sowie die Organisation eines internationalen Seminars in Zusammenarbeit mit dem CDRR und dem Centre Culturel de Rencontre Abaye de Neumünster auf unserem Pensum.

An Arbeit wird es wohl auch im nächsten Jahr nicht mangeln.

Das ganze Team des CDREF wünscht Ihnen und Ihren Familien ein frohes, friedliches und gesundes neues Jahr.

Steve Kayser
Direktor des CDREF



Präsidentin Marie-Anne Thommes, Historiker Carlo Neuman und Direktor Steve Kayser in den renovierten Räumlichkeiten in Hollerich

Wéi e jonke Borscht der Gestapo entwutscht as

Eng Geschicht déi tèschent dem 7. an dem 10. September 1944 geschitt as

Dee jonke Borscht vun deemols heescht Ferd mam Virnumm an huet haut 80 Joer.

Dem Ferd seng Bouwenzäit as bis an de Krich eran normal verlaf. Ma dat sollt sech op eng Kéier grondsätzlech änneren! Well säin eelere Brudder Refraktär war, gouf hien mat sengen Elteren am Summer 1943 a Richtung Schlesien ëngesiedelt. De Ferd hat deemols 15 Joer. Et huet net lang gedauert, du gouf hien fir eng éischte Kéier agelacht: Well en am Lager 98 Mittelsteine dem „Lagerführer“ un d'Kréischele gange war, gouf hien „wegen Diebstahl“ fir d'éischt an de Stall vum „amtliche“ Geesebock vu Mittelsteine agespart. Dee Stall war als provisorische Prisong ëmfunktionéiert gin. Uschléissend gouf eise Prisonnéier op Glatz geféiert. Well de Ferd awer eréischt 15 Joer hat, as hien no 3 Deeg „Festungshaft“ erëm lafe gelooss gin. Dat muss ee sech virstellen: Dat alles wéinst engem Grapp Kréischelen, déi emol nach net richtig zeideg waren!

Well dem Ferd säi Papp Fabrikationschef bei der Faiencerie am Rollegergronn war, gouf de Papp Kohn vu Schlesien aus bei d'Firma Villeroy & Boch op Mettlach déngschtverpflicht. Esou gouf d'Famillje KOHN-HAVÉ lagerfräi fir op Mettlach an d'Saarland ze plënnere. Dat war net méi sou schrecklech wäit vun doheem wech. Awer och de Ferd huet misse schaffe goen. Hie koum an eng „fachmännische Lehre“ bei Villeroy & Boch. Well hien awer konsequent refuséiert huet fir sech fräiwelleg an d'Waffen-SS ze melden, gouf hien de 7. September 1944 op der Arbecht vun der Gestapo verhaft an zu Mertzig/Saar an de Prisong gestach. En hat 16 Joer! Seng Elteren woussten net wou en dru war. Eréischt no laange Nofuerschungen huet de Papp Kohn säi jéngste Fils zu Mertzig am Prisong erëmfond. Dat war Samschdes de 9. September 1944. Sonndes

den 10. September waren d'Amerikaner zu Lëtzebuerg. No laangen Diskussiounen mat der Prisonsdirektioun krut de Papp de Ferd aus dem Prisong eraus, awer nëmmen ënner der Konditioun, de Ferd misst fir d'éischt ënnerschreiw fir an d'Waffen-SS ze goen. An der Zell huet de Papp hien iwerriéd fir dach z'ënnerschreiw, fir aus dem Prisong eraus ze kommen, well d'Amerikaner net méi wäit vu Lëtzebuerg ewech wäeren.

Erëm zrëck zu Mettlach, huet de Ferd sech, no enger Bespriechung mat sengen Elteren, op de Velo gesat an as iwer Saarburg, Konz a Waaserbëlleg op Letzebuerg gefuer. Déi Rees war awer mat allerhand Aventure verbonn! An der Géigend vu Saarburg huet e Wehrmachtscamion en opgelueden fir en e Stéck vum Wee matzehuelen. Dat as gutt gaang bis op eemol amerikanesch „Jaboen“ („Jabo“ steet fir „Jagdbomber“) an der Luucht waren. De Camion as stoe bliwen fit datt d'Zaldote kënnen an Deckung goen. De Ferd hat kee gutt Gefill an huet sech mat sengem Velo aus dem Stébs gemaach. Dat war seng Chance! Et huet net laang gedauert, du sin d'„Jaboen“ néiergaang fir de Camion z'attackéieren. Wéi de Ferd hanneru sech gekuckt huet, huet de Camion gebrannt! zu Wasserliesch war de „Volkssturm“ amgaang Schützegrëf ze schëppen. De Ferd gouf ugehale, krut eng Schëpp an de Grapp gedréckt an huet misse matschëppen. Et as em awer gegléckt fir fortzelafen a mat der Fähr déi aner Säit vun der Musel ze kommen. Vu Waaserbëlleg eriwier op Uewerbëlleg (Oberbillig) war d'Fähr iwervoll besaat vu Leit déi onbedéngt „Heim ins Reich“ wollten. Fir zrëck op Waaserbëlleg war de Ferd mat sengem Velo deen eenzege Passagéier. Zu Waaserbëlleg ukomm, ass e fir d'éischt bei Frënn vun der Famillje Kohn passéiert, wou en du emol, no laanger Zäit, gutt z'iesse krut. Dat war an der Metzlerie PIRSCH. Gutt gestierkt huet en sech du erëm op de Velo gesat, fir déi lescht

Ettapp an Ugrëff ze huelen. D'Famillje PIRSCH hat em geroden, net iwer d'Haaptstrooss op Lëtzebuerg ze fueren. Duefir as dat iwer Ëmweeër geschitt. Teschend Ouljen a Roudemer huet e preisesche Leitnant, dee mat senger Kompanie um Réckmarsch war, him de Velo ofgehall. De Ferd wollt de Velo awer net lass loossen. Esou huet hien déi eng Säit vum Velo gezunn an de Leitnant déi aner Säit. D'Zaldoten, déi sech am Hiwel lanscht d'Strooss néiergesat haten fir ze raschten, hun deem Spill amuséiert nogekuckt. Wéi se du ugefang hun ze laachen, as de Leitnant rose gin an huet dem Ferd de Revolver ënner d'Nues gehalen. Eréischt du war de Ferd sengem Velo lass; e krut souguer nach e Bong geschriwen, datt en nom „Endsieg“ e neie Velo amplatz kritt! De Ferd war nach net laang zu Fouss ënnerwee, wéi erëm eng grouss preisesch Kolonn em entgéint koum. Eng Kolonn, déi keen Enn kritt huet. Et war just virun der Nuecht, wéi iwer Gonnereng erfert nees „Jaboen“ an der Luucht waren. De Ferd wusst wat elo kéim. Esou séier wéi e konnt, ass e mat grousser Angscht an der Box an d'Gewaan era gelaaf, fir esou wäit wéi méiglech vun der Strooss ewech ze kommen. En huet gesin wéi déi amerikanesch „Jagdbomber“ eng grouss Schleef um Himmel gezunn hun, fir d'Wehrmachtskolonn frontal z'attackéieren. D'Amerikaner hate mat Phosphor geschoss, well no der Attack huet et iwerall gebrannt. Iwer d'Iechternachestrooss as et du weider zu Fouss an d'Stad gaang. All Kéier wann e Gefier em entgéint koum, huet e sech säitlech vun der Strooss verstoppt. Zu Dummeldeng bei der Barrière virun der Bréck stong e preiseschen Offizéier, deen em zougeruff huet: „Junger Mann, jetzt aber ganz schnell hinüber“. En hat d'Uelzechtréck nach net laang hanneru sech, du gouf et op eng Kéier e fierchterleche Knuppert: D'Bréck war gesprengt gin! Wéi de Ferd matten an der Nuecht am

Rollengergronn bei senger Groussmamm ukoum, huet en un der viischer Diir geklappt a gerabbelt fir erageloos ze gin. No laanger Zäit huet en héieren, datt am Haus geschwaat gin as a seng Groussmamm zu senger Tatta sot:

„Maach net op, dat si Preisen“. Esou déif soutz d'Angscht virun de Preisen de Leit an de Glidder. Dat nach an der Nuecht virun der Liberatioun! Et huet laang gedauert, ier se am Haus begraff haten, wien do matten an der Nuecht

géng rabbelen fir erageloos ze gin. D'Fred war grouss!

De Fred war erëm doheem, ma seng Elteren éréischt no Krichsenn.

Léon RATHS

Fragen zum ungeklärten Schicksal von Nicolas Hengen aus Differdange

Nicolas Hengen wurde am 4. März 1923 in Differdingen geboren. Von hier aus wurde er im Februar 1943 zum RAD-Dienst einberufen. Zuerst kam er am 15. Februar 1943 ins Lager 289, Leolau II, ev. in Polen. Ab dem 12. Mai 1943 befand er sich im RAD-Lager 1/36 in Zychlin (Polen), um dann am 19. Mai 1943 zum Wehrdienst einberufen zu werden. Seine Stammkompanie war das „Grenadier-Ersatz-Bataillon 222“ in der Seestadt Wismar. Im Oktober 1943 kam er zur Marschkompanie „Grenadier-Ersatz-Bataillon 222“ und am 25. Dezember 1943 wurde seine Einheit an die Ost-Front verlegt. Er befand sich zu dem Zeitpunkt in der 9. Kompanie Grenadier-Regiment 410, welche der 122. Infanterie-Division unterstand. Ihr Einsatzgebiet befand sich in Demjansk, Staraja Russa, Newel, Narwa und Wiborg.

Am 12. März 1944 wurde Hengen nahe Gorodenka/Russland durch einen Granatsplitter schwer an der rechten Schulter verletzt. Er kam zur „3. Gensendenkompanie Grenadier-Ersatz-Bataillon 94“ nach Köslin und erhielt Anfang respektiv Mitte August 1944 Heimaturlaub und kam nach Luxemburg zurück. Ab dem Zeitpunkt liegen dann jedoch keine genauen Erkenntnisse vor.

Im Dezember 1944 wird er jedoch, laut einem offiziellen Schreiben der „Deutschen Dienststelle“ als Mitglied der „2. Kompanie Grenadier-Bataillon 929“ z.b.V. („zur besonderen Verwendung“) geführt.

Am 20. Dezember 1944 starb Nicolas Hengen auf seinem geliebten Heimatboden, in der Umgebung von Berlé. Die Umstände seines Todes sind bis heute völlig ungeklärt. Es ist lediglich bekannt, dass er kurz vor seinem Tod angeblich zusammen mit 5 weiteren Refraktären im Ösling (eventuell in Berlé oder Umgebung) untergetaucht war; dies vielleicht wegen des Ausbruchs der „Rundstedt-offensive“. Ausserdem scheint Hengen zum Zeitpunkt seines Todes die Wehrmachtsuniform getragen zu haben. Hierfür kann es 3 Gründe geben:

- a) er befand sich noch immer in der „2. Kompanie Grenadier-Bataillon 929 z.b.V. („zur besonderen Verwendung“)" und erlebte als Soldat der Wehrmacht die Rundstedt-offensive
- b) er tauchte als Wehrmachtssoldat während der Kämpfe der Rundstedt-offensive unter und wurde von den deutschen Soldaten aufgegriffen
- c) er war bereits vor dem Ausbruch der Rundstedt-offensive im Ösling untergetaucht und wurde aufgegriffen.

Die Hinterbliebenen konzentrieren sich heute auf folgende Fragen:

1. Wer waren die Refraktäre, welche zu jenem Zeitpunkt (Mitte Dezember 1944) zusammen mit Nicolas Hengen im Ösling untergetaucht waren?



2. Gibt es Zwangsrekrutierte, welche sich an Nicolas Hengen aus Differdingen erinnern, dies aus der RAD- oder Wehrmachts-Zeit?
3. Kann jemand, der zu jener Zeit in der Umgebung von Berlé wohnte, Angaben zu seinen Tod liefern?

In der Hoffnung, dass dieses Schicksal eines „Jongen“, welcher in seiner Heimat starb, endgültig geklärt werden kann, bitten die Familienangehörigen die Leser des „Sacrifiés“ um ihre Hilfe.

Zweckdienliche Hinweise bitte an die Redaktion oder direkt an:

Patrick Hengen
66A, Dicksstrooss
L-5451 Stadtbredimus

Tel: 23 69 80 53 / 621 198 535

E-mail: hpatrick@pt.lu

D'italiënesch Schrëftstellerin Anna Turra kënnt scho säit méi wéi 30 Joer op Ueschdrëf. Si huet sech daks mat de Leit déi an där Chrëschnuecht derbäi waren doriwwer ënnerhal an huet dat wat si déif beandrockt huet op hir Manéier an dëser Kurzgeschicht verschafft, déi am Abrël 2008 vu jonken italiënesche Schauspiller am Kader vun engem Seminaire iwer „Fraën am Krich“ op der Universitéit zu Pavia virgeliéss gin ass.

Fir dem Dity seng Kanner

Chrëschttag 1944

24. Dezember 1944. Schon de fënnefte Chrëschttag an dësem Krich.

De Moiën huet mech de Geroch vum frësche Brout aus engem schéinen Dram erweckt: ech hat e Puppelchen mat bloën Aan am Arem, ech, d'Dity Schreiber aus lewertz.

E puer Sonnestrahlen funkelen am Schnéi. D'Virginie, meng Schwëster, an ech mussen d'Stuff fir den Owend botzen, well den Owend kéint de Militärgeschlechen fir an eisem Haus d'Chrëschtmass ze feieren. An der Kirch ass et vill ze geféierlich.

Et hat geschéngt wéi wann de Krich eriwwer wir a mir haaten äis schon dru gewinnt, no all där Angscht säit 1940: ech hat 12 Joer wéi d'Wehrmacht eist schéint Land besat huet, an dun, 1942, hun all eis Jongen missen an de Krich, „Enrôlés de force“ an der däitscher Arméi. Wann ech eisem Frënd Roger, den nëmme e puer Joer méi aal ass wéi mer, senger Mamm begéinen, get mäin Häerz ganz schwéier. Sie wees säit méi wéi engem Joer näischt méi vun hirem Jong. Ass en un der Front oder als Gefaangenen an irgend engem Lager oder ...? Virun allem déi Ongewëssheet ass schrecklich.

Hei zu Ueschdrëf, engem Duerf wéi aus dem Märchebuch, wäiss Heiser mat Schiefer gedeckt, de Kirchturm, „de Gronn“ an op der Kopp „d'Lee“, ware mer nit méi zu vill, Fraën, Kanner, aal Leit, voller Angscht. Mer hu missen um Feld schaffen, no de Béischte kucken. Och d'Kéi am Stall hu méi lues gebrëllt. Mer iessen hapt-sächlech Gromperen a gefrouenen Kaabes, d'Holz an d'Kuele si rar. D'Keelt deet äis dobanne bleiwen.

Véier Joer Krich: ech hu geléiert keng Angscht méi ze hun, och wa mer all Dag méi arem gin. Während deene laangen Owender a mengem Bett, hun ech mäi Papp an déi puer Männer aus dem Duerf, durch den Dillebuedem, bis an déif Nuecht eran héiere schwetzen. Ech kennen all hir Stëmmen: den Dokter, eisen Noper Ernest an nach e puer aaner Frënn vun der Famill. Sie erzielen, diskutéieren vun de Jongen déi verstoppt sin, vun den Noorichten aus der Front. Ech lauschteren gespannt a besuergt. Wou sollen eis Frënn sin déi vun de Preisen agezu gi sin? Solle mer se nach je eemol erëm gesin?

Säit enger Zäit hun ech gemengt dat d'Situatioun sech gebessert hât. Viru kurzem sin d'amerikanisch Zaldoten och hiér an eist klengt Ueschdrëf kom, ënner hinnen schwarz Zaldoten an esouguer een Indianer, den Timmy, hién ass an eisem Haus logéiert. Sie si jonk an et gefällt mer wann se laachen. An de Stroossen vum Duerf leien elo elektrisch Kaabelen vun de Generatoren an dem Radio. De Krich wäert geschwënn eriwwer sin, ech muss einfach hoffen.

Et ass wéi wann d'Zäit stoue bliwwer wir, meng Mamm ass Léierin, si ass doheem well keng Schoul ass, mäi Papp ass am Stall, mir hun nach just zwou Kéi, d'Wiss am Hiwwel vis-à-vis vum Haus an och de Bësch déi aaner Säit si wäiss vum Schnéi, d'Strooss ass een Äis an e lauter.

An der Nuecht vum 16. Dezember sin eng Rei Dierfer aus den Norden evaküiert gin, vill aal Leit aus dem Duerf sin fort gaang. Mer hun eis Valisen och schon eng Woch laang gepaackt an a Jillen gedro, vläicht musse mer an de Süden flüchten, mee wéini? Durch déi

schlecht Strossen hu verschidde Leit missen ëmdrielen. Zwanzig Kilometer méi wäit gët gekämpft; ech hun héieren dat d'Preisen zu Wolz an zu Baschnich sin. Wéi soll et mat äis weider gouen? Wat geschitt mat eisem schéinen Haus, lewertz? Wéi kënne mer äis mat all dem Schnéi op de Wee maachen? Di läscht Deg hu mer preisesch Panzeren gesin, an d'Amerikaner hu vis-à-vis vun eisem Haus, am Biérg, Griéf gemeet.

Am Dag ass alles rouig, mee an der Nuecht gi mer daks vu Fliiger erweckt déi ganz nidreg iwert eis Haus fléien. Heiansdo, wann se ze vill Kaméidi maachen, da rífft mäi Papp äis an da gi mer an den hëneschte Keller, den an d'Fiels gebaut ass an de mer soss als Spënnchen gebraucht hun a wou mer och mol eng Hamm gelagert hun, an da sëtze mer do an der Keelt ze warden. De Papp mecht äis Courage, „hei ass säit laangem näischt méi geschitt“. Heiansdo gesi mer wäit ewech den Himmel oplichten, mer gesin et durch déi verhaange Féenster, an da brengt de Schnéi erëm d'Stëllt.

Virun e puer Deg hun e puer Aarbichter déi mam Velo aus de Schiefergrouwen vu Martel komm sin, äis gesot dat eng Niéwestrooss a Richtung Baschnich ganz mat Stréi bedeckt wir. Wat soll dat nëmme heeschen? Se soën dat dat wir fir de Kaméidi ze ënnerdrecken, den Truppe maachen wann se sech déplacéieren. An trotzdem héiert ee keng Motoren, nëmme Ween vu Pärde gezun, an dat virun allem an der Nuecht.

Loost äis dach nëmme a Rou an eiser klenger Welt, do wou den Horizont esou wäit ass, mat senger Wissen

a Bëscher, esou kleng, me esou schéin.

Viirgëschter hu mer d'Nuecht a Jille verbruecht well de Papp gemengt huet, doheem wärem mer nit secher. Wa mer doheem fortgin, da späert de Papp alles fest zou, well elo hu mer Angscht dat d'Preisen sech bei äis néierloossen. A Jillen sutze mer zu zwanzig am Keller, ee méi mit wéi den aaneren, an ech, ech schumme mech bal fir et ze soën, ech hu e bësse gebied an du sin ech ageschlof. Moies si mer erëm heem gang. Vun Diddeleng sin och der Mamm hir Kusiñen komm, well um Minett fanne se nâischt méi ze iessen. An elo sätzen si beim Ernest.

Am Wanter gët et séier Nuecht an an der Stuff ass alles fäerdeg, d'wâisst Dëschelduch läit um Dësch, mer hun all Still era bruecht déi mer hun a mam Virginie hun ech den hëlzene Buedem geschrubbt bis e ganz blenkeg war. D'ass Helljer Owend. D'Noopere kommen, dann e puer Zaldoten an hire Militärgeschtlichen. D'Mamm fengt d'Käerzen un a da geet d'Mass un: „Introibo ad altare Dei“. „Ad Deum qui laetificat iuventutem meam“, den dee meng Jugend méi schéin mecht, dem Dity seng Jugend hei zwëschen den Hiwwelen. Dat vun der Jugend dat hu mer all geflüstert, hei an der Mass an eiser schéiner Kirch, och d'Bomi, och eise Paschtouer, de mer esou aal schengt. D'ass mer fir ze laachen an ze kräischen. Härgott, mach dat de Krich geschwënn eriwwer ass, mach dat eis Jongen erëm all heem kommen ... „Et in terra pax hominibus“ a Fridden op der Welt fir all Mënschen déi gudde Wëllen hun. De Geeschtlechen schwetzt mat roueger Stëmm, dëss Stëllt ass wéi e gudde Parfum, wéi eng schéi Musek, „lavabo manus meas inter innocentes“, ech wäsche meng Hänn an Onschold „Qui pridie quam pateretur accepit panem“, op dem Owend vu sengem Doud huet hién d'Brout a seng Hänn geholl ... An dann op eemol, Kamédi un der Dir, knapp Uerderen op englisch, mer haaten mol keen héiere kommen, d'Zaldoten sprangen op a stiirzen eraus. Da knuppt et e puermol schrecklech. Mer gesin durch d'verhangé Féinsteren e Feierschäin. E schengt ganz no. Mer

kucken äis un ouni eppes ze soen, de Geeschtlechen mecht ouni e Wurt ze soën säi Buch zou, peckt de Kielech an d'Pateen an, mer blosen d'Käerzen aus an de Papp léist een nom aaneren eraus an d'Däischtert. Da laafe mer durch de Gaart iwwer d'Breck a Sousen: Mir si knaps am Ernest sengem Haus ënnen am Gronn wann och schon d'Hell ausbrecht.

Alles ass ganz onerwart komm, op eemol waren d'Preisen erëm ganz no, mer hu just e Mantel erwëscht a si fortgelaaf. Wou waren d'amerikanisch Zaldoten? Meng Féiss sin äiskal, ech drecke mech ganz fest widder d'Virginie, ech erfieren bei all Geräisch; d'Virginie

fäert och, hat ziddert, d'Nopeschkanner kräischen, ganz lues. De Papp mecht äis erëm Courage: „Et ass nâischt geschitt a mer sin a Secherheet“, d'Mamm seet nâischt. Eng laang Nuecht fenkt un. D'preisesch Arméi huet ugegraf a mer hun nâischt gemierkt, mer leië just an der Mëtt vun deenen zwou Arméiën, op Heeschpelt zou d'Preisen, de Buedem ziddert ënner eise Féiss. Heiansdo haalen se op ze schéissen an da gët et schrecklech stëll ronderëm äis. Ech woën et nit drun ze denken, dat mer dës Nuecht kinnte stiérwen. Befrei äis vum Béisen, vum Béisen dat d'Häerz



MINISTERO PER I BENI E LE ATTIVITÀ CULTURALI
DIREZIONE GENERALE BENI LIBRARI E ISTITUTI CULTURALI
BIBLIOTECA UNIVERSITARIA DI PAVIA

La guerra, le donne, la vita: racconti di sopravvivenza

Etty Hillesum (24 agosto 1943, Westerbork)

Anna Turra (Natale 1944, Arsdorf)

Euripide (Ecuba e Andromaca, sulle coste della Troade)

Leggono

Irene Scova e Veronica Varesi Monti



Giovedì 27 marzo 2008 ore 17
Biblioteca Universitaria di Pavia, Strada Nuova 65
Salone Teresiano



vun der Welt erschüttert. „Schlof, Dity, wanns de kanns!“, flüstert mäi Papp. Wéi soll ech schlofe kënnen, wann ech vu lauter Angscht bal nit méi otme kann. Wéi kann ech a mäi schéinen Dram zreckfannen: Sollen et nach eemol Kanner mat bloën Aan an lewertz gin? D'Brout! Mer hun der Mamm hirt Brout, d'Brout fir Chrëscht-dag an der Kichen um Dësch leië geloss. A mer hu scho laang näischt méi giëss, well mer op d'Mass gewart hun. Vlächit musse mer nach laang hei sëtzen ... ech gin et sichen! „Du bass geckig“, flüstert d'Virginie an hält mech um Arem fest. Ech lauschteren op kee méi a gin einfach.

Ech gi ganz lues eraus, et schneit. Dobaussen ass alles roueg, et ass stachdäischer. Ech héieren mäin Häerz schlouen an un den Hänn an am Gesiicht pikt d'Keelt. Bei all Schrëtt gin ech am Schnéi an, mat de Schung déi mäi Papp esou daks gefleckt huet an déi elo vill ze kleng sin. Ech gin durch d'Nuecht déi durch de Schnéi nit grat esou däischer schengt. Ech verstoppe mech hanner der Heck laascht der Strooss: Ech stiërwe bal vun Angscht, wann se rëm géifen ufenken ze schéissen ... Ech gin de Biërg erop, ech dücke mech ëmmer méi an haalen den Otem un, ech ka mech elo nit vun der Angscht kleng kréie loossen, grat elo wou ech scho bal do uewe sin., do ass och schon d'Dir, d'Kechen, d'Brout, e grousst Brout, eise ganze Räichtum fir Chrëscht-dag. Ech spären d'Dir erëm zou. Mam Brout fest ënner dem Arem laafen ech reck an de Gronn, mäin Otem dempt an der Loft, ech si geschwënn do ënnen, voll Schéi, mat mengem Schatz. De Papp steet voller Angscht op der Dir a léist mech séier eran. Hié mecht Dir erëm zou an da gi mer bei déi aaner an de Keller. „Gut gemeet, Dity“, seet meng Mamm. Aus hirem Mond ass dat bal wéi e Kuss. D'Nuecht geet a geet nit erëm, ronderëm knuppt et, d'Geschéiss kritt keen Enn, et schengt dës Kéier och méi no ze sin. Et ass wéi wann d'Granate virun eiser Dir géifen explo-déieren. Befrei äis vum Béisen.

Et war eng éiweg laang Nuecht. Mir hun äis bis an de Moën am Keller géint d'Fiëse gedreckt. Mir haaten alle-

guer Angscht, och de Pap den äis an deene läschten schrecklichen Deg nach ëmmer Courage gemeet huet an äis getréischt huet. Se hu bis dräi Auer Moiës geschoss. An der Chrëscht-nuecht. Fir nit vun Angscht verreckt ze gin, hun ech dru geduecht dat de Schnéi erëm géif schmölzen, dat d'Fréijorsblumen erëm géifen an der grenger Wiss wuessen, dat mer bei den éischte Sonnenstrahlen erëm op de Wäsch-buer gengen an dat mer d'Lällecher vum Wanter erëm op der Wiss géife bleechen, dat et erëm géif Fridde gin. Befrei äis vum Béisen.

Chrëscht-dag Moiës si mer an d'frësch Loft eraus gang, et huet nit méi geschneit an eist Haus stong nach do, d'Dir war opgebrach, d'Kichefënster an dausend Stecker, me et war nach do. Vlächit durch d'Sandseck déi d'Amerikaner virun d'Fassade getes-selt haaten. D'Haus just uewen un äis, op der Lee, war zerstéiert, et huet gebrannt. Ech hun op de Gronn gekuckt, op di blesséiert Heiser, den zerschossene Stall, op d'Lächer déi d'Granaten hannerlooss haten. Grouss Deeler wou de Schnéi tèschen de Rui-nen intakt war an dann de schwarzen Damp, do wou et gebrannt huet. Op der Strooss luchen déi Doudeg, Amerikaner a Preisen. „Dity, kuck nit!“ huet d'Virginie gesot, mee ech wollt alles gesin. D'amerikanisch d'Zaldoten hun hir Komerode fortgedro; en dou-degen däitschen Zaldot mat den Hänn op der oppener Broscht gekräitzt, vol-ler Blut, luch nach während e puer Deg op der Strooss. Och hién hat ganz secher eng Mamm, Geschwëster déi elo näischt méi vun him héieren. Ech hun mat 16 Joer den Horror entdeckt, a fir mäi ganzt Liéwen, d'Matleed.

Mir si ganz viirsichtig an eist Haus gang, de Papp vir, mer hannen drun. Eng Granat hat an eis Dir ageschlo, me si war Gott sei dank nit verbrannt; d'Kiche war voller Splitter, wa mer do gewiéscht wiren, wire mer elo dout. An ech war kurz virun d'Brout siche komm ... Déi schwarz Dunnen haate op e puer Plaatzen Splitter afkritt, me si hun duergehaal; op der Etage stong nach wéi durch e Wonner d'Miëldëppchen, et hat just e klengt rond Lach an der Mëtt, wou et vun engem Granatsplitter getraff gi war:

d'Miël ass nach lues op de Buedem gesickert. Fir mech war et wéi wann dat Miël, eist Brout, de Krich gestoppt hätt, wéi wann durch esou eng traureg Wonn e klenge Funken Hoffnung kënt iwwerliéwen.

Et hat keen de Courage fir deenen aaneren „E schéine Chrëscht-dag“ ze wënschen. Ech hu mer et selwer a mengem Häerz gewënscht, an och dem Virginie an all deenen déi ech gär hun. Et war äis näischt geschitt a vlächit kënte mer elo erëm opléiwen.

Vu Chrëscht-dag un si mer bei d'Giédel wunne gang, an e puer Zëm-mer am Giéwel vum Haus. D'Virginie an ech hun op enger Matrass um Buedem geschlof, well d'Amerikaner sech an eisem Haus aquartéiert haaten. Mir hu Frëndschaft geschloss mam Timmy Lomawitu, dem Indianer dee franséisch geschwat huet. Hién ass bei äis „an d'Ucht“ komm fir e bëssen ze pooteren. Ech hu mech doriwwer gefreet, och wann d'Mamm mech mat engem strenge Bléck gekuckt huet wann ech mat him geschwat hun. Ech hun e puer Wurt englesch geléiert „You come back“, „May be tomorrow“ an ... hién ass e bësse wéi e grousse Brudder fir mech gin.

Während engem Mount hu mer se nach ëmmer héiere schéissen a mer haaten permanent eng schrecklech Angscht. Och d'Mamm hat Angscht, an och de Papp, den an eisem Haus de stärksten war, a voller Weisheet.

